

*Halsdorf (par M. Lucien Clement), Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Marco Schank), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Jeannot Belling), MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Jean Asselborn), MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot (par M. Jeannot Krecké), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Jos Scheuer (par M. Alex Bodry) et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote?

(Assentiment)

Et ass also sou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4640, en Associatiounsofkommes tëscht de Memberstate vun der Europäescher Unioun a Jordanien. D'Riedezäit ass déiselwecht wéi virdrun.

Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Wiseler, Fayot, Rippinger an Huss.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Emile Calmes.

**7. Projet de loi 4640 portant approbation de l'Accord euro-méditerranéen établissant une association entre les Communautés Européennes et leurs Etats membres, d'une part, et le Royaume hachémite de Jordanie, d'autre part, signé à Bruxelles, le 24 novembre 1997**

*Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes*

**M. Emile Calmes (DP), rapporteur.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat hei ass dann dee leschte Projet an där Serie vu Projekten aus der Kommissioun vun den Affaires étrangères. Hei geet et ëm en Accord euro-méditerranéen, deen eng Associatioun tëscht der europäescher Communautéit an hire Memberstaten op där

enger a Jordanien op där anerer Säit mat sech bréngt. Et ass en Accord, deen de 24. November 1997 zu Bréissel ënnerschriwwen ginn ass. En huet also näischt mat der Visite vum Bureau vun der Chamber am Mee a Jordanien ze dinn.

(Interruption)

Den Article unique gesäit dann och d'Approbatioun vun dësem Accord hei vir. Den 21. Februar 2000 ass de Projet déposiert ginn. Dem Statsrot ass e schonn den 29. November 1997 virgeluegt ginn, mä en huet säin Avis eréischt den 21. Mäerz 2000 ofginn.

Zum Kontext vun dësem Accord.

D'Chamber huet scho véier där Accords euro-méditerranéens hei ugeholl: dee mat Israel vum 14. Abrëll 1997, dee mat Tunesien vum 27. Juli 1997 an dee mat Marokko, och vum 27. Juli 1997. Déi Accoren hei sollen d'Kooperatiounsaccoren aus de 70er Joren, déi mat de State vun der Rive sud vum Mëttelmier ofgeschloss gi sinn, ersetzen. Déi fréier Accoren hunn haaptsächlech virgesinn, datt d'Produkten aus dem Mëttelmierraum méi en einfachen Zougang op de communautairë Marché haten. Weiderhin hu sech déi Accoren op kommerziell an ekonomesch Aspekter beschränkt, déi och d'finanziell Hëllef beinhalten.

Ee vun de Grënn, firwat elo nei Accore gemaach ginn, ass deen, datt déi kontraktuell Relatiounen am Kader vun den Accords euro-méditerranéens der Evolutioun vun de Règles commerciales multilatérales, déi aus dem Uruguay-Round ervirgaange sinn, hu missen ugepasst ginn. D'Hauptgrënn fir dës nei Accore leien awer ganz kloer doran, datt d'Europäesch Unioun de politeschen Dialog mat deene Länner weiderdreiwe wëllt, an dat gläichzäiteg mam Zil, bis zum Joer 2010 eng Zone de libre échange mat dësen Länner hei opzebauen.

Den Inhalt vun dësem Accord hei huet eng wichteg politesch Bedeitung, an deem Sënn, datt de politeschen Dialog gefleegt gëtt, an dat soll dann am Kader vun engem Conseil d'association geschéien. Dee Conseil d'association, deen deen Accord hei soll leeden, trifft sech dann och op d'mannst eemol am Joer a fënnt ënnert der Tutelle vun den Ausseministère statt.

Am Accord ass och eng Dispositioun festgehalen, datt d'Mënscherechter vun de Parties contractantes respektéiert ginn. Wann dat net de Fall ass, kann dat zu der Suspensioun vum Accord féieren, an hei kann ee ganz sécher soen, datt och an dësem Land, grad wéi an anere Länner, mat deene mer Accore maachen, Fortschrëtt a Saache Mënscherechter kënne gemaach ginn. Deen, deen dat interesséiert, kann dat um Internet och noliessen, wéi et mat de Mënscherechter a Jordanien ass ([www.starabia.com](http://www.starabia.com)). Do fënnt en interessant Auszich dozou!

(Interruption)

De kommerzielle Volet ass ganz kloer op de Libre échange, dee fir 2010 virgesinn ass, ausgeriicht. Dee

Volet ass op eng Manéier ongläich, well d'Partnere sech der europäescher Konkurrenz stelle mussen, wou se bis ewell vun den Zollopplage geschützt waren. D'europäesch Contrepart ass geréng, well Europa jo scho säit laangem am industrielle Beräich der Konkurrenz ausgesat ass an net wëlles huet, seng schützend Hand vum Landwirtschaftssektor ewechzehuelen.

Et muss een am Beräich vun den industrielle Produkter festhalen, datt d'Konzessioune réciproque sinn. De Libre échange soll also no enger Iwwergangsphas vun 12 Joer antrieden. Wat awer d'landwirtschaftlech Produkter ubelaangt, sou hunn d'Communautéiten a Jordanien festgehalten, datt progressiv eng méi grouss Liberalisatioun an deem Beräich ugestriift soll ginn. Sou gëtt virgesinn, datt déi zwou Partiën bis Januar 2002 d'Situatioun diskutéieren wäerten, fir datt dann déi Dispositiounen vum Januar 2003 u kënnen ausgefouert ginn.

Och ass an deem Accord un de Sektoren vun de Services geduecht ginn, deen no de Regele vun der OMC en Droit d'établissement vun de Gesellschaften virgesäit, an dann awer och d'Liberalisatioun vun der Fourniture des services. Hei muss een dann och nach gesinn, datt déi Mesuren d'Investissementen sollen encouragéieren. Dat gëtt och doduerch nach weider ënnerstëtzt, datt eng "libre circulation des capitaux relatifs aux investissements dans les pays partenaires" garantéiert ass.

Och d'Dispositiounen, déi d'Libre concurrence regéieren, si mat an deem Accord verankert, sou wéi d'Uwendung vun den europäeschen Normen. D'Kooperatioun gëtt och grouss geschriwwen, an dat och um regionale Plang. An deem Accord kommen och de sozialen an de kulturelle Volet net ze kuerz.

Elo nach vläicht e puer Wieder iwwert d'politesch an ekonomesch Situatioun a Jordanien.

Iwwerdeems wou dee Rapport hei geschriwwen ginn ass, huet d'Regierung gewiesselt. De jordanesche Kinnek huet nämlech déi Regierung vu vir drun opgeléist, fir sengem Reformwille méi Nodrock ze ginn. Hien erhofft sech dovun, datt déi nei Regierung säi Land erëm op de Wee vun der Croissance bréngt, nodeems dat während de leschte Joren net de Fall war.

Ee vun de Problemer a Jordanien ass d'Waasser, mä nodeems d'Reenzäit ufanks des Jors zimlech spéit agesat huet, schéngt de Problem vum Waasser net méi sou schlëmm fir de Rescht vum Joer an déi nächst Joren ze ginn.

Deen neie Kinnek, den Abdallah II, ass sech och bewosst, datt déi nei Technologien - do steet en also net eleng do - d'Zukunft vu sengem Land bedeiten, an dofir setzt en och alles drun, datt sech dee Volet a sengem Land entwéckelt. Hie gesäit och dofir eng Zone franche des médias vir. Viru kuerzem war och den EU-Commissaire Chris Patten a Jordanien. Ech mengen, dat beweist jo awer och de Rôle, deen desen Accord hei huet.

D'europäesch Hëllefprogrammer spillen hei och eng massgebend Roll. Tëscht 1978 an 1995 huet Jordanien 414 Milliounen Euro vun der EU kritt. Wat den Exercice 1999 ubelaangt, kréie se fir dëst Joer 130 Milliounen Euro. De Gesamtbetrag, dee Jordanien am Kader vum MEDA-Programm 1 tëscht 1996 an 1999 zougesprach kritt huet, beleeft sech also op 440 Milliounen. D'Aarbechte fir de MEDA-Programm 2 fir 2000 bis 2006 lafe momentan un.

Zum Schluss wollt ech dann och nach emol, obscho se no beim Pétrol leien, d'Pétrolssituatioun a Jordanien uspriechen. Si sinn an deem Fall hei schrecklech ofhängeg vum Irak, an dee verkeeft hinnen dee Pétrol schrecklech deier. Och do si se net eleng dran.

Sou, elo wësst Der bal alles iwwer Jordanien an da géif ech Iech och bidden, deem Accord zouzestëmmen.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. le Président.** - Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Claude Wiseler agedroen. Den Här Wiseler huet d'Wuert.

*Discussion générale*

**M. Claude Wiseler (CSV).** - Här President, Dir Damen an Dir Hären, wéi d'Traditioun et verlaangt, wëll ech fir d'éischt dem Rapporteur villmools merci soe fir säi gudde mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Mam Projet de loi 4640 gëtt d'Chamber hiren Accord zu engem Associatiounsafkommen tëscht der Europäescher Unioun a Jordanien. Desen Accord situéiert sech am Rumm vun der Mëttelmierpolitik vun den europäesche Partnerstaaten, vun deenen der vill zanter méi wéi 30 Jor privilegiéiert Relatiounen mat enger ganzer Rei vu Länner aus dem Noen Osten an de State vum Maghreb hunn. Des State sollen elo offiziell méi enk un d'EU erugefouert ginn. Dofir ginn et souwuel politesch wéi och eng Rei wirtschaftlech Grënn, déi sech an deem Associatiounsvertrag erëmispigelen.

Wat déi wirtschaftlech Kooperatioun mat Jordanien ugeet, sou ass d'Perspektiv de Fräihandel, dee mam Horizont 2010 Wierklechkeet soll ginn. D'Grundlag vun deem Fräihandel ass de progressiven Ofbau vun allerlee Klauselen protektionistescher Natur. D'Zil ass et, dass Jordanien an d'EU gläichberechtigt Partner ginn.

D'politesch Bedeitung vun enger verstärkter Zesummenaarbecht mat Jordanien läit op der Hand. Et ass kee Geheimnis, datt Jordanien eng wesentlech Roll am Noostfriddensprozess gespillt huet an nach weider spille wäert. Dat ass gutt fir d'Stabilitéit am Noen Osten an deemno och positiv fir Europa.

Den Associatiounsvertrag mat Jordanien ka gewëssermoossen och als Unerkennung fir dëst Land betruecht ginn. Et ass e Signal, datt et sech lount op Dialog a Fridden ze setzen, och wann an der Vergaangenheet

Wonne geschloe gi sinn, déi net ëmmer oder déi nëmme schwéier heelen.

D'EU ass bereet, eng fair Partnerschaft mat Jordanien anzegoen, mat engem Land, dat méi wéi jee auslännesch Zesummenaarbecht brauch, dat virun allem well d'Pétrolsreserven ofhuelen a sou d'Haaptrevenue vum Kinnekräich ëmmer méi kleng ginn. Hei kann d'Europäesch Unioun als privilegiéierte Partner hir Hëllef ubidden a gläichermoossen d'Friddenspolitik um Terrain ëmsetzen.

D'CSV-Fraktioun begreisst dësen Associatiounsaccord, deem net zulescht och konkret Oplagen am Domän vun de Mënscherechter an der Demokratiséierung virgesäit. Dat ass een net onwesentleche Punkt fir eis Partei, déi dem Projet de loi 4640 zoustëmme wäert.

Ech soen Iech merci!

**Plusieurs voix.-** Très bien!

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Här Jean-Paul Rippinger agedroen. Den Här Rippinger huet d'Wuert.

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass alles gesot gi vum Virriedner an och vum Rapporteur, deem ech villmools merci soen, sou dass eis Fraktioun keng Bedenken huet, fir deen Accord do ze stëmmen.

**M. le Président.-** Deen nächste Riedner ass den Här Jean Asselborn.

**M. Jean Asselborn (LSAP).**- Här President, eis Fraktioun stëmmt deen Accord do och.

**M. le Président.-** Den Här Huss huet d'Wuert.

**M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).**- Här President, an zwou Minutte kann ech just e puer Stéchwierder zu dësem Ofkommes vun der Europäescher Unioun mat Jordanien nennen.

D'Zilsetzung vum deem Ofkommes, op där enger Säit de libre échange - dee wichtigsten Deel dovunner - soll bis 2010 realiséiert ginn. Awéiwäit dat wierklech fir béid Partner hernois zu engem Succès wäert ginn, steet an de Wolleken, dat gesäit een an der Zukunft. Et si Risiken do fir d'jordanesch Economie, dass effektiv eng Rei vu Secteuren riskéieren ënnert d'Rieder ze kommen. Op där anerer Säit huet Jordanien dat Ofkommes och ofgeschloss, well se Intérêten an enger Rei vun anere Secteuren hunn.

Een Aspekt, deem och scho virun ugeschwat ginn ass an deem ech wollt ervirhiewen, ass dee vun de Mënscherechter, deene mer jo ëmmer solle bei Accoren, déi mer ënnerschreiw, eng grouss Bedeitung zoumoossen. Ech hu mech net iwwer Internet informéiert iwwert d'Situatioun vun de Mënscherechter, wéi den Här Calmes dat recommandéiert huet,...

(Interruptions)

...mä ech hu mer Donnéeë komme gelooss vun Amnesty International...

(Interruptions)

...an do wëll ech soen, besonnesch un d'Adress vun der Ausseministerin, och wa Jordanien kee besonnesch krasst Beispill ass vun Ënnerdréckung vu Mënscherechter, dass et awer trotzdem schéngt Problemer do ze ginn. Ech wëll aus engem leschte Rapport vun Amnesty International zitieren:

Éischte Punkt: "De très nombreuses personnes ont été arrêtées pour des motifs politiques." Zweete Punkt: "La plupart des prisonniers accusés de délits politiques ont été jugés par la cour de sûreté de l'Etat à l'issue de procès qui ne respectaient pas les normes internationales d'équité." Drëtte Punkt: "Quelques cas de torture ou de mauvais traitement infligé aux détenues par des membres des services de sécurité ont été signalés." An dann nach e véierte Punkt, deem zimlech gravéierend ass: "Plus de vingt personnes ont été condamnées à mort et douze ont été exécutées."

Dat bezitt sech op d'Joren 1998 an 1999, soudatt een awer muss soen, dass a Jordanien d'Situatioun vun de Mënscherechter guer net sou brillant ass. Wann an deenen Accoren hei vun der EU mat Jordanien drasteet, dass se vu béide Säite kéinte résiliéiert ginn, wa gravéierend Mënscherechtsverletzungen géife festgestallt ginn, da mengen ech, dass esou Rappore vun Amnesty, vun eiser Säit awer och vun der Säit vun de Responsabele vun der EU, missten dozou féieren, e seriöt Wuert mat der jordanescher Féierung ze schwätzen, fir ze soen, dass mer vun hinnen erwaarden, dass déi Mënscherechtsverletzungen ofgeschafft musse ginn.

Dat gesot, kënne mer awer deenen Accoren zoustëmmen.

**M. le Président.-** D'Wuert huet elo d'Mme Ausseminister Lydie Polfer.

**Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll et net vill méi laang maachen, mä well elo hei zum Schluss e Punkt ugeschwat ginn ass, deem effektiv eng grouss Wichtigkeet huet, wollt ech awer e puer Detailer méi ginn.

Zum Accord selwer gëtt et eng allgemeng Zoustëmmung, dass et wichtig ass, dee Prozess vu partnerschaftleche Bezéiunge mat Länner ronderëm d'Méditerranée weiderzeféieren. Deen Accord hei ass jo och am Kader mat deenen Accoren, déi scho mam Maroc, mat Israel an Tunesien gemaach gi sinn, ze gesinn. Anerer sinn nach amgaangen ausgeschafft ze ginn: dee mat Ägypten, Algerien, Syrien an dem Liban.

Dat sinn Accords mixtes, dat heescht et si souwuel d'Nationalstate wéi och d'Europaparlament, déi se musse unhuelen. Et sinn Accoren, déi wierklech eng Composante multifonctionnelle hunn, dat heescht souwuel dat Ekonomescht wéi dat Kulturellt.

All déi do Saachen huet de Rapporteur ervirgehuewen, deen ech och nach eng Kéier wëll félicitéiere fir déi ganz gutt an interessant Aarbecht. Déi Kommentaren, déi hie besonnesch och a sengem schrëftleche Rapport gemaach huet, si ganz interessant an een dovunner - ech kommen direkt drop - ass dee vum Respekt vun de Mënscherechter.

Den Artikel 2 gesäit vir, datt, wann hei géife gréisser Problemer optauchen, deen Accord hei ebe kéint dofir ausgesat ginn. Ech mengen, dat ass, well mer eis natierlech bewosst sinn - an den Här Huss huet drop higewisen -, dass d'Situatioun nach net esou ass, wéi mir et hei an eise Géigende gewinnt sinn.

Op där anerer Säit muss een awer soen, datt vun 1989 un dat Land sech op de Wee vun der Demokratisatioun gemaach huet. Et huet sech op de Wee gemaach an herno weisen ech Iech och, wou se enger ganzer Rei Traitéen a Konventiounen bäigetratt sinn, déi versichen, dat do ze festegen. Mä et ass richtig, datt et awer nach ëmmer eng ganz Rei Saache gëtt, déi fir eis net acceptabel sinn, zum Beispill ass a Jordanien de Crime d'honneur nach legal. Dat weist op eng aner Traditioun hin an der Wee, dee se amgaange sinn ze maachen, wäert nach eng Zäit brauchen, bis en op deem Punkt ugelaangt ass, sou wéi mir et hei fannen.

Dir hutt elo just vun der Doudesstrof geschwat. Mir wëssen, wéi mir dozou stinn. Jordanien steet allerdéngs net eleng an der Welt andeem se dat do exekutéieren. Och Länner, déi ganz ziviliséiert sinn an der westlecher Welt ugehéieren, maachen dat nämlech. Et gëtt Punkten, op déi een net soll insensibel sinn, mä, wéi gesot, dat gëtt et och op anere Plazen.

Wat d'Tortur ubelaangt, sou sinn, op d'mannst wat d'Texter ugeet, déi Saachen do démanteléiert ginn an zwar schonn aacht Joer, mä et ass awer och e Fait, datt an den individuelle Fäll dat nach ëmmer ka virkommen.

Si hunn, wéi gesot, grouss Effort gemaach. Si hunn Traitée ratifizéiert iwwert d'Rechter vun de Persounen, zum Beispill de Pacte international relatif aux droits civils et politiques, d'selwecht wéi de Pacte international relatif aux droits économiques, sociaux et culturels, d'Konventioun géint d'Tortur, d'Konventioun iwwert d'Eliminatioun vun alle Forme vun Diskriminatioun à l'égard vun de Fraen an och d'Convention relative aux droits de l'enfant.

Ech mengen, dat alles sinn Zeechen, datt Jordanien gewëllt ass, dee Prozess vun der Demokratisatioun weiterzeféieren a mir sollten duerch d'Ratifikatioun vun deem Accord weisen, datt mir se op deem Wee wëlle begleeten. Et ass nach e Wee an dat hei soll hinnen Usporn sinn. Mir sollten e Partner sinn, deen och kritesch Remarque ka maachen an ech wäert dat och mathuelen, wann ech eng Kéier an nächster Zäit meng Kolleegen a Jordanië sollt gesinn.

Ech kann Iech awer alleguer nëmmen encouragéieren, deen Accord hei ze ratifizéieren. Merci.

**Plusieurs voix.-** Très bien!

**M. le Président.-** D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a kommen zur Lecture vum Article unique a stëmmen driwwer of.

*Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)*

Den Article unique ass gelies an ugehall.

Mir kommen zum Vote iwwer de Projet de loi 4640.

*Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

De Projet de loi ass mat 57 Jo-Stëmmen eestëmme ugehall.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Lucien Clement), Jean-Marie Halsdorf (par M. Nicolas Strotz), Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Marco Schank), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par Mme Simone Beissel), Alexandre Krieps (par M. John Schummer), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Gusty Graas), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot (par M. Jeannot Krecké), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jean-Pierre Klein), Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Zanussi), MM. Jos Scheuer (par M. Jean Asselborn) et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

*(Assentiment)*

Et ass esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, domat si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer, Donneschdeg, den 29. Juni um halwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

*(Fin de la séance publique à 16.27 heures)*